



ABRËLL 2014 N° 36



FËSCHBER  
GEMENGEBLAT

**Layout:** Ren Spautz

**Redaktioun:** Dany Hermes, Andrea Wagner, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

**Mataarbechter:** Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Gina Hermes, Lucie Mensen, Lucie Peter, Serge Hoffmann, Joyce Rippinger, Luss Brosius, Andy Frisch, Georges Brosius, Jean-Marie Pütz, Frank Daems, Angelika Bräutigam, Events shooter.

**Drock:**

Faber-Print-services & solutions, Miersch

**Seite 1:** Sonnestralen / Ren Spautz

**Seite 2:** Virwuert

**Seite 3:** Krippenspiel 2013

**Seite 4:** Projet transfair

**Seite 5:** Projet transfair

**Seite 6:** Konschtausstellung

**Seite 7:** Konschtausstellung

**Seite 8:** Exposition Pascale Schmit

**Seite 9:** Scheckiwwereechung

**Seite 10:** Liichtmëssdag

**Seite 11:** 80 Joer, Pinckers

**Seite 12:** Mir planzen e Bongert

**Seite 13:** Mir planzen e Bongert

**Seite 14:** Hobby-Säit, Andy Frisch

**Seite 15:** Hobby-Säit, Andy Frisch

**Seite 16:** Besuch der Eispiste

**Seite 17:** Spiele-Nachmittag

**Seite 18:** Albinus-Feier

**Seite 19:** Fettendoneschden

**Seite 20:** Kannerfuesbal

**Seite 21:** Kannerfuesbal

**Seite 22:** Buergebrennen

**Seite 23:** Mierscher Lieshaus

**Seite 24:** Rock op der Héicht

**Seite 25:** Rock op der Héicht

**Seite 26:** Scéance du conseil communal

**Seite 27:** Scéance du conseil communal

**Seite 28:** Concert Fëschbech

**Seite 29:** Scéance du conseil communal

**Seite 30:** Hexebal

**Seite 31:** Crashcours „Lëtzebuergesch“

**Seite 32:** Grouss Botz

**Redaktiounsschluss Blat 37: 3. August 2014**

## VIRWUERT

Léif Biergerinnen a Bierger,

Endlech ass et souwäit.

D'Gemeng Fëschbech huet hiert zweet Standbeen an der Drénkwaasserversuergung.

An e puer Woche kann di gefaasst Quell Laangegronn eist Drénkwaasserreserv speisen. Di da geliwwert Waasserqualitéit ass laut leschten Analysen aussergewöhnlech gutt an och de Volumen, deen disponibel ass, wäert méi wéi ausreechend sinn.

An de 50'er Jore gouf d'Quell Débicht gefaasst. Bis elo huet si als eenzeg Quell d'Drénkwaasser fir d'Gemeng geliwwert, mat der Ausnahm vum dem Schiltzbierg, Kéideng, Weier a Stuppecht. 2008 gouf eng Leitung geluecht fir des Uertschafte vun der Gemeng Jonglënster aus mat Drénkwaasser ze beliwieren.

D'Qualitéit vum Waasser (Débicht) ass duerch Pestiziden, Bakterien a Nitrater beanträchtegt. Mir hunn 2008 eng UV-Anlag installéiert an eng permanent Chloréierung agefouert. 2015 gëtt zu Schous en Reeniwerlaafbecke gebaut. Alles Moossnahme fir d'Qualitéit ze verbessere, respektiv an der Zukunft ze garantéieren.

De Schäfferot huet am Joer 2006 no engem zweete Standbee gesicht.

Während bal 6 Joer ass d'Quell am Laangegronn analyséiert ginn.

Nodeems déi Resultater sech als méi wéi zefriddestellend erweisen hunn, krute mir am Joer 2011 di noutwendeg Genehmegunge vum Ëmweltminister a vun der Administration de la Gestion de l'Eau.

Am November 2011 ass de Projet an den Devis am Gemengerot gestëmmt ginn, an d'Aarbechte konnte lassgoen.

Den Terrain, wou d'Fassung sech befënnt hu mir am Mäerz 2014 kaaft.

De gesamte Käschtepunkt beleeft sech laut Devis op 1 110 779,25 Euro, mir hunn 20 % Subsiden an Aussicht gestallt kritt.

Insgesamt dierfe mir de Moment 500 m<sup>3</sup> pro Dag benotzen, d'Source bréngt viraussichtlech méi wéi 2000 m<sup>3</sup> pro Dag.

Fir de Moment léit den deegleche Verbrauch an der Gemeng bei 250 Fudder.

Am Laf vun dësem Joer wäerte mir lech nach emol méi ausféierlech iwwert eist Waasser an di domatte verbonnen Technik informéieren.

Marianne Brosius-Kolber





# Krippenspiel 2013

**L**etzte Weihnachten gab es während der Messe in der Angelsberger Kirche ein schönes Krippenspiel zu sehen.

Die Kinder hatten sich unter der Leitung von Chantal Conrad-Fohl und Nicole Reding insgesamt vier Mal in der Adventszeit getroffen, um sich vorzubereiten. Die Motivation der „Jung-Schauspieler“ war groß und so waren die Lieder und Texte auch zu Hause in den Familien sehr oft zu hören.

Hintere Reihe von links nach rechts: Nancy Lauer, Cindy Fernandes, Julie Daems, Emma Konsbruck, Max Scholtes, Sarah Dichter

Vordere Reihe von links nach rechts: Marie Kolber, Mike Weyrich

Text und Foto: Andrea Wagner





# Projet transfair an der Angsber Schoul

**D**e Cycle 3.2 an de Cycle 4 hu sech iwwer 6 Woche laang am Franséischen, am Däitschen, an der Konscht, an de Sciencesfächer, an der Moral an an der Relioun mam Thema *fairen Handel* auserneeegesat.

Donieft hunn och Verrieder vun *transfair Lëtzebuerg* an Ateliere mat de Kanner zum Thema geschafft.



D'Kanner aus béide Cyclen hu sech duerno Gedanke gemaach, wéi si konkret hëllef kënnen. Hei hir Aussoen:

4

**Lynn, Laurie, Anna:**

Ich weiß jetzt, wie ich helfen kann:

Wir basteln kleine Sachen, verkaufen diese dann und spenden das Geld.

**Julie, Gilles Dinis, Romain:**

Ich bin sehr hilfsbereit. Ich unterstütze die Kakaobauern und kaufe FAIRTRADE-Schokolade.

**Gina, Wesley:**

Ich finde es gut, dass FAIRTRADE den Kakaobauern hilft und hoffe, dass es den Bauern so besser geht.

**Mathis, Mauro, Fabio:**

FAIRTRADE-Schokolade ist besser.

**Mara, Gilles Conrad:**

Ich finde es nicht gerecht, dass der Kakaobauer weniger Geld für seine Arbeit bekommt als der Supermarkt für die Schokolade.

Ich finde es gut, dass FAIRTRADE darauf aufpasst, dass der Bauer gerecht bezahlt wird.

**Armela, Olivia, Emilie:**

Ich hoffe, dass die Kinder in Afrika (da wo Kakaoplantagen sind) zur Schule gehen können und nicht auf den Plantagen arbeiten müssen.

**Sophie:**

Ich weiß, dass man jetzt, wenn man Schokolade isst, mehr nachdenkt als je zuvor.



Fëschber Gemengeblat

**Melda:**

Ich weiß jetzt, wie ich helfen kann: Ich kaufe etwas von der Teekampagne, von Gepa, transfair und fairtrade. Das sind die Organisationen, die dafür sorgen, dass die Leute, die auf den Kakaoplantagen arbeiten, einen guten Lohn bekommen und die auch dafür sorgen, dass keine Giftflugzeuge mehr über die Kakaofelder fliegen. Es wäre gut, wenn jetzt mehr Leute im Supermarkt daran denken würden, denn jeder verdient es, gerecht behandelt zu werden!

**Joanne:**

Was ich noch sagen wollte: Dass ich ab jetzt nur noch Schokolade esse, wenn ich dabei an die Arbeit denke. Die Leute müssen arbeiten und wir können es uns gut gehen lassen, das ist nicht gut! Jeder kann ihnen weiterhelfen, auch wenn er weit weg wohnt.

**Tatiana:** Ich hoffe, dass den Kindern endlich geholfen wird.

**Dinis und Anna:**

Ich will noch sagen, dass fairtrade gut für die Welt ist, und dass die Menschen mehr Produkte von fairtrade kaufen sollen. Es ist gut, dass es solche Organisationen gibt.

**Alberte und Inês:**

Es tut uns sehr leid für die Menschen, und dass es Kinder gibt, die auf Kakaoplantagen arbeiten müssen.

**Yoshi:** Ich kann nur noch transfair-Sachen essen und so die Menschen unterstützen.

**Ana Marisa:**

Ich finde transfair macht eine sehr gute Arbeit, indem sie den Kindern helfen.

**Ben:**

Ich könnte den Kindern Geld spenden, nur noch faire Schokolade kaufen, sie adoptieren, wenn sie Lust haben. Ich will nur noch faire Schokolade kaufen, da Kindersklaverei verboten ist. Ich finde fairtrade, Gepa, Teekampagne und Co. gut.

**André:**

Ich bin gegen Kindersklaverei.

**Conny:**

Es ist nicht gut, dass es noch Kinderarbeit auf der Welt gibt und reiche und arme Menschen. Es gibt viele egoistische Menschen auf der Welt, aber das ist nicht in Ordnung.

**Maya:**

Ich versuche jetzt, viele Produkte von fairtrade zu kaufen, damit die Kinder ein besseres Leben bekommen und zur Schule gehen können, denn so wie jetzt ist das wirklich nicht fair. Fairtrade!!

De Kanner hir Aarbechte goufen an der Schoul, souwéi um faire Kaffisbuffet ausgestallt an och d'Schüler aus deenen anere Cycle kruten Informatiounen iwwert de *fairen Handel* an e *faire Maufel* ze schmaachen.



Text und Fotos: Lucie Mensen, Lucie Peter





## Konschtausstellung

am Veräinshaus op der Héicht  
zu Schous, mat Bistro

14. a 15. Dezember 2013

Samschdes, de 14. 12. Vernissage um 18 Auer  
Sonndes, de 15. 12. op vun 10 bis 18 Auer



Organisatioun:  
Kulturkommissioun  
vun der Gemeng  
FËSCHBECH

Fräien Entrée



## Kënschtler aus der Gemeng Fëschbech

### Biller

Vincent Karler  
Jerry Lecoq  
Blanche Fritsch  
Susen Hoehn  
Marguerite Bück  
Laetitia Vanhamme

### Fotoen

Lis Weber  
Jean-Claude Schaeffer  
Paul Ernster  
Candy Carrera  
Ren Spautz

### Skulpturen

Doris Becker  
Anne Stein



Fotoen:  
Ren Spautz



Fëschber Gemeindeblatt









Fotoen:  
Serge Hoffmann

J'AI LE PLAISIR  
DE VOUS  
INVITER AVEC  
VOS AMIS AU VERNISSAGE  
DE MON EXPOSITION QUI  
AURA LIEU LE VENDREDI  
31 JANVIER 2014 DANS LA  
CHAPELLE À WEYER AVEC  
L'AIMABLE COLLABORATION  
DE LA COMMUNE DE  
FISCHBACH.  
À 19 HEURES.

L'EXPOSITION SERA  
OUVERTE DE 14 À 18 HEURES  
LE 1 ET 2 FEVRIER 2014

PASCALE SCHMIT





# D'Kanner an d'Léierpersonal weisen hir Solidaritéit

**G**rad zur richteger Zäit viru Chrëschttag waren zu Angelsbiërg am Ganzen dräi Schecker ausgestallt ginn. All zwee Joer organiséieren d'Klassen aus der „Angsber Schoul“ e Kontinentfest an et ass an der Tëschenzäit eng Traditioun ginn, datt een Deel vum Erléis fir karitativ Organisatioune gespent gëtt. 2013 war et den Tour un Nordamerika an d'Fest huet „Bumbershoot“ geheescht. Dofir ass dann och e Scheck vun 1000 € un d'Harlem Children Zone gaang, déi sech drëms këmmere, de Kanner aus dësem Viruert vun New York e besseren Zougang zu de Schoulen ze erméiglechen.

Mat deem selwechte Gedanke goufen et dann nach zwee Schecker fir den Olivier Conrardy, deen op de Philippinen hëlleft, nodeems am Hierscht dee fuerchtbaren Taifun do vill Misère gemaach hat. Den Olivier Conrardy ass bei eis an der Schoul jo keen Onbekannten, well bei dem virechte Kontinentfest „Corroboree“ zum Thema Australien huet hie gehollef, d'Kanner an d'Geheimnisser vum fënnefte Kontinent anzeweien. 1000 € goufen et aus der Schoul hirer Schatzkëscht an nach eng Kéier 310,47€, déi bei verschiddene Bastel- an Bakaktivitéite gesammelt goufen.



Text & Foto: Frank Weyrich



Fëschber Gemeinde

Mir Kanner komme liichten, mir gi vun Haus zu Haus,  
fir Freed a Liicht ze bréngen, jo dofir zéie mir aus.  
Den Härgott soll lech seenen, 't ass onse gréisste Wonsch.

Mir Kanner komme sangen, mir bleiwen net gär ston,  
mir wëlle gär ons Liichter, och haut nach weiderdron.  
Den Härgott soll lech seenen, 't ass onse gréisste Wonsch.

## Liichtmëssdag

Angelsbiereg



Schous



Fëschbech



Fotoen: Frank Weyrich, Luss Brosius,  
Joyce Rippinger.



Fëschber Gemeindeblatt





11

# Liz Pinckers, Schous

D'Liz Huynen ass de 6. Februar 1934 zu Schinnen (Limburg) an de Niederlanden op d'Welt komm. Si waren zu 6 Kanner um elterleche Bauerenhaff, wou si och hu missen Hand mat upaken.

No der Primärschoul an der Mëttelschoul huet d'Liz virun am Bauerebetrib geschafft. 1954 ass d'Famill Huynen op Lëtzebuerg gezunn, wou si um Cents an der Stad e Bauerenhaff gepacht haten.

D'Liz ass 1958 zu Hamm an der Kierch mam Antoine Pinckers bestuet ginn an amplaz eng Hochzäitsrees ze maachen, wéi dat üblech ass, ass d'Aarbecht virgaang an déi nei gegrënnte Famill ass op Kayl geplënnert, fir do e Bauerebetrib ze ënnerhalen. Aus deem Bestiednes sinn 3 Kanner ervirgaang, de Josy†, d'Kia an de Willy. 1967 ass d'Famill Pinckers op Miedernach op de Watschenterhaff gezunn, deen si 6 Joer bedriwwen hunn, éier si zréck an Holland gaange sinn.

1975 si si dunn awer endgülteg zréck op Lëtzebuerg komm, nämlech op Schous, wou d'Liz haut nach wunnt. Hire Mann ass 1991 gestuerwen a säit 6 Joer huet d'Liz en neie Liewenspartner, den Henk, mat deem si elo zesummen hiren Hobbyen noginn, nämlech hir fënnef Enkelkanner, d'Veräinsliewen an d'Reesen.

Fir dem Liz fir seng 80 Joer ze gratuléieren, war d'Buergermeeschtesch aus der Gemeng Fëschbech, d'Marianne Brosius-Kolber, zesumme mat hiren zwee Schäffen, dem Simone Majerus-Schmit a Marco Karier, dëser Deeg mat enger schéiner Corbeille op Besuch an hunn dem Liz nach vill schéi Joer bei hir 80 dobäi gewënscht.

Text & Foto: Ren Spautz



Fëschber Gemengeblat

# Mir planzen e Bongert

vum Olivier Molitor

**B**ei de Schéisser Seitert (och nach genannt plakig Acht) hu mer en neie Bongert (d. Streuobstwiese) mat verschiddenen Aarten an Zorten ugeluecht. Hei huet d'Gemeng en Terrain leien, die 40 Ar grouss ass an dien an deene leschte Joere landwirtschaftlech genotzt ginn ass. Ouni laang ze zécken, huet de Piechter sech bereet erkläert, de Pachtvertrag mat der Gemeng kuerzfristeg opzeléisen, sou datt mir déi Planzaktioun séier konnte realiséieren.

Well de Wanter eis dëst Joer jo esou gutt wéi am Stach gelooss huet, si mer mat Zäiten u mat planzen. Hei soll e flotte Bongert entstoen, wou d'Awunner aus der Gemeng sech herno kënnen Uebst plécke goen. Rondrëm den Terrain hu mer eng Heck vun 800 Hobuche gesat. Um Terrain selwer hu mer eng ganz Rei verschidden Uebstzorte geplanz. Iwwer 60 Schoulkanner hunn eis den 20. & 21. Mäerz bei dëser flotter Planzaktioun mat Spuet an Heel äifreg ënnerstëtzt. Heibei hu mer e puer ganz seelen Uebstbamzorten, wéi Rheinischer Krummstiel, Prinzenapfel, Charlamowski, Baumanns-Reinette an Ananas-Reinette, alles Äppelbeem, geplanz. Verschiddener vun dësen Zorten eegene sech och gutt, fir Brantewäin ze brennen. Do derniewent hu mer awer och mei gängeg Zorte wéi Mirabelle de Nancy, Luxemburger Hauszwetschge, Williams Christbirne a Conférence-Birne geplanz.

Tëschent de Beem gött elo nach eng Blummewis ugeséint, déi mer eréischt méi spéit am Joer wäerte méinen. Duerch dës extensiv Bewirtschaftung, wou mer natierlech op all Insektiziden an Herbiziden verzichten, schafe mer en ideale Liewensraum fir z.Bsp. Päiperleken a Beien. Awer och nach eng Hällewull aner Insekte wäerte sech hei kënnne wuelfillen. Vill Déierenaarte sinn op Hielen an doudegt Holz ugewisen, wéi mer se an ale Bongerten erëmfanne kënnen. Hei fale mer mol direkt de Steekauz, Flantermais an de Gaardeschléifer an, fir der nëmme e puer ze nennen. Awer och de Kéiseker an den Hues hale sech gären an der typescher Krautschicht vun engem extensiv genotztene Bongert op, well si hei genuch Deckung fannen.







2014. 3. 20



Föschber Gemeinde



**Hobby-Säit  
Andy Frisch  
Angelsbiereg**



**E**ch mengen, datt d'Francine an de Frank dem Andy de Pompjee an den Ambulancier, mat an d'Wéi geluecht hunn. Den Andy ass nämlech mat Haut an Hoer e Mënsch, deen sech bénévol an den Déngscht vu senger Matmënschen stellt.

2004, also mat 8 Joer, ass den Andy de Fëschbecher Pompjeeë bäigetruewen. Déi obligatoresch 3 Couren, huet e mat Bravour gemeeschtert, Bronze, Sëlwer an du Gold.

Mat 16 Joer war heen dunn, no deene bestanene Coursen, aktive Member vun de Pompjeeën. Heen huet seng Uniform, Helm a Piepsert ausgehännegt kritt, säi Spind zougedeele kritt a war du prett fir den éischten Asaz, allerdéngs dëst ausser dem Geforeberäich, do ass een eréischt mat 18 Joer zougelooss.







Mat 17 Joer huet den Andy dem Pol bei de Jugendpompjeeë gehollef an duerch e Schoukolleg, deen an der Fielser Protex war, huet heen du parallel zu sengem Engagement bei de Fëschbecher Pompjeeën och Protex an der Fiels gemaach.

Dat huet mat engem Initiatiouncours fir Ambulançier ugefaang, e Cours, deen iwwert de Weekend ofgehale ginn ass, wat heen da berechtigt, aktiven Déngscht am Fielser-Zenter ze maachen. Duerno huet den Andy missen 6 Modular, déi och iwwert de Weekend ofgehale ginn, absolvéieren, dëst iwwer 2 Joer, wou heen elo aktuell dovunner der fënnef huet, dee sechsten ass an Ugrëff geholl ginn.

Am Juni 2013 huet den Andy de Jugendleedercours A gemaach, elo am Februar de Cour B an am Mäerz de leschte Cour, de C, deen den Andy elo awer muss aus Zäitgrënn, no hanne versetzen.

Am Juli, déi éischt Woch vu senger Vakanz, mécht heen säi BAT 1, e Cours, deen iwwert eng Woch geet, mat uschléissendem Ofschossexamen, wat den Andy u säin Zil bréngt, nämlech fäerdege Pompjee ze sinn, allerdéngs ouni Otemschtz, dee Cours ass Enn 2014.

Ween elo Loscht op méi kritt huet an net fäert, fir sech dësem Engagement ze stellen an et maache wëllt ewéi den Andy, nämlech ab 8 Joer sech bei de Jugendpompjeeën anzeschreiwen oder ab 16 Joer bei d'Protex an d'Fiels ze goen, dee ka sech gäre beim Andy fir wieder Renseignement mellen. Dëst um GSM: 621-461 096 oder per eMail:

[frian197@hotmail.com](mailto:frian197@hotmail.com).

Awer och Erwuessener si wëllkomm, well all Hëllef ass wichteg, wann et gëllt, Aneren ze hëllefen, duerfir mellt lech beim Kommandant vun de Fëschbecher Pompjeeën, dem Luss Karier, um GSM: 621-135 132

Text: Ren Spautz & Fotoen: Andy Frisch



# Sportunterricht auf der Eisbahn



Die Cyclen 2 bis 4 der Angsber Schoul waren am 14. Februar 2014 vormittags in Beaufort zum Schlittschuhlaufen. Gemeinsam mit ihrem Lehrpersonal tobten sich die Kinder auf dem Eis aus. Zur Stärkung gab es zwischendurch eine heiße Schokolade, die ebenso wie der Eintritt, von der Gemeinde Fischbach gesponsert wurde.

Text: Andrea Wagner  
Fotos: Lehrpersonal



Fäschber Gemeinde



# Spiele-Nachmittag in der Angsber Schoul

**Z**um zweiten Mal in zwei Jahren stand für zwei Stunden ein eher ungewöhnlicher Lehrplan auf dem Programm der Angsber Schoul: Gesellschaftsspiele.

Die Kinder haben sich innerhalb ihres Cycles in Gruppen aufgeteilt, wo sie unter Anleitung von freiwilligen Eltern und dem Lehrpersonal, verschiedene Spiele kennenlernen und spielen konnten.



Text: Andrea Wagner  
Foto: Frank Weyrich



Fäschber Gemeindeblatt

# Albinus-Feier zu Angelsbierg

18



Alte Holzstatue des hl. Albinus in Fischbach (Mersch).

HEILIGER ALBINUS  
segne uns und unser Vieh

Et ginn d'Traditiounen, déi sech halen an et ginn där, déi verschwannen. Mee et ginn der net vill, déi erëm opliewen, obschon se verschwonne waren. Eng vun deenen ass d'Albinus-Feier.

Op den 1. Mäerz gëtt den Albinus, op franséisch Saint Aubin, gefeiert a bei där Geleeënheet gouf dëst Joer fir d'éischt no Laangem nees dovu profitéiert, fir all deenen, déi an der Landwirtschaft aktiv sinn, de Seege vun deem hellege Mann zoukommen ze loossen.

No der feierlecher Mass op Fuessonndeg huet den Abbé Romain Richer och nach d'Gefierer geseent, wat en ongewinnnten Défilé duerch Angelsbierg mat sech bruecht huet.

Text: Frank Weyrich

Fotoen: Ren Spautz

Bild H. Albuinus: Rol Miny



Fëschber Gemeindeblatt



# Fettendoneschen



Fotoen: Rol Miny, Frank Weyrich, Luss Brosius







# Kanner







# fuesbal







Fotoen: Guy Loullingen,  
Gina Hermes, Georges Brosius



# Buergbrennen 2014





**Programm Januar - Juli 2014/** Informationen auch auf unserer Homepage: [www.mierscher-lieshaus.lu](http://www.mierscher-lieshaus.lu)  
 \* Anmeldung erforderlich : 26 32 21 13 oder E-Mail: [kontakt@mierscher-lieshaus.lu](mailto:kontakt@mierscher-lieshaus.lu)



Tag	Datum	Zeit	Wo	Veranstaltung	Info
Freitag/Samstag	<b>21.03./22.03.</b>	Siehe Info	Angelsberg Zentralschule	<b>Lëtzebuergesch schreiwen CRASHCOURS</b>	Orthographies-Cours mam Christiane Ehlinger, Freideg vun 19-22 Auer, Samschdeg vun 9-12 a vun 13.30 – 17 Auer <b>35€</b> * <b>Umeldung bis den 14.02.2014</b>
Mittwoch	<b>26.03.</b>	20 Uhr	Chateau Ansembourg „D“	<b>VORTAG</b>	„Nie war die Familienforschung einfacher als heute“ mit Georges Eicher von „Luxroots“
Samstag	<b>29.03.</b>	14-17Uhr	Lieshaus	<b>WORKSHOP Buchkunst</b>	Es wird gezeigt, wie man durch <b>Falttechniken</b> kleine Kunstwerke aus alten Büchern herstellen kann. Für Erwachsene und Schüler ab Cycle 4 Animation: Eliane Lothritz . <b>Teilnahmegebühr: 15€ * Anmeldung bis 22.02.2014</b> Material im Kurs erhältlich
Samstag	<b>22.03.</b>	11 Uhr	Lieshaus	<b>Geschichten für KIDS</b>	„D'Himmelsschof <b>ELISABETH</b> “ präsentiert vum Martine GILLEN fir Kanner vu zwee Joer un. Fräi Entrée
Mittwoch	<b>23.04.</b>	19 Uhr	Lieshaus	<b>LITERAMUS</b>	<b>Gesprächskreis über LITERATUR und MUSIK</b> Freier Eintritt Moderation: Marcel Bamberg
Samstag	<b>26.04.</b>	11 Uhr	Lieshaus	<b>Geschichten für KIDS</b>	<b>Der rote Ballon</b> Mam Angelika Bräutigam
Sonntag	<b>27.04.</b>	10-17 Uhr	Bettembourg Märchenpark	<b>KREATIVE MÄRCHEN-SCHREIBWERKSTATT</b>	<b>Animation: Wally Differding. Für Erwachsene. Details auf Anfrage: 26 32 21 13</b> <b>Anmeldung erforderlich*</b>
Mittwoch	<b>07.05.</b>	19 Uhr	Lieshaus	<b>LITERATURZIRKEL</b> „Bücher im Gespräch“	<b>Haruki MURAKAMI - Die Pilgerjahre des farblosen Herrn Tazaki</b> Animation: Wally Differding. Teilnahme gratis, um Anmeldung wird gebeten. Anmeldung unter 26 32 21 13
Samstag	<b>24.05.</b>	11 Uhr	Lieshaus	<b>Geschichten für KIDS</b>	„Wa Lämmercher grouss ginn“ präsentiert vum <b>Marie HOFFMANN</b>
Mittwoch	<b>25.06.</b>	19 Uhr	Lieshaus	<b>LITERAMUS</b>	<b>Gesprächskreis über LITERATUR und MUSIK</b> Freier Eintritt Moderation: Marcel Bamberg
Sonntag	<b>29.06.</b>	10-18 Uhr	Vor dem ML	<b>BRADERIE</b>	<b>Bücherflohmarkt</b>
Mittwoch	<b>02.07.</b>	19 Uhr	Lieshaus	<b>LITERATURZIRKEL</b> „Bücher im Gespräch“	<b>Margriet DE MOOR, Sturmflut</b> Animation: Wally Differding. Teilnahme gratis, um Anmeldung wird gebeten. Anmeldung unter 26 32 21 13
Samstag	<b>05.07.</b>	11 Uhr	Lieshaus	<b>Geschichten für KIDS</b>	Autor <b>Martin KLEIN</b> erzählt für die Kleinsten.





**R**  
**O**  
**C**  
**K**  
**O**  
**P**



**D  
E  
R**



**The Pendulum's Motion  
Wolf in Loveland**

**H  
E  
I  
C  
H  
T**



**Mark Lotterman  
Golden Caves  
The Gran' Dukes**



## Compte rendu de la réunion du conseil communal du 23 décembre 2013

**Présents:** M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Daems, Trausch, Haas-Erpelding

**Est décidé à l'unanimité de prendre deux points supplémentaires à l'ordre du jour :**

**A) Modification ponctuelle du PAG**

**B) Avis sur le classement de fonds par le service des sites et monuments.**

- 1) Est approuvé le compte rendu de la séance du 14 novembre 2013 (5 voix pour et 1 abstention).
- 2) Est approuvé l'acte notarié n° 2013/2373 du 14 novembre 2013 entre la commune de Fischbach et la société Baumeister-Haus Luxembourg S.A. relatif à la cession gratuite d'emprises au lieu-dit « Um Bur » à Schoos (à l'unanimité).
- 3) Est approuvé la convention signée entre le collège échevinal et le Forum pour l'Emploi asbl en date du 30 octobre 2013 concernant la participation de la commune de Fischbach aux frais de fonctionnement du « Bummelbus » pour l'année 2014 (à l'unanimité).
- 4) Est annulée la décision du conseil communal du 14 novembre 2013 relative au déclassement des parcelles portant les numéros cadastraux 1/790, 1/791, 1/840 et 1/841, section D de Schoos (Hauptstrooss à Schoos) du domaine communal public en domaine communal suite à une erreur de procédure (à l'unanimité).
- 5) Est approuvé le compromis de vente du 12 décembre 2013 conclu entre le collège échevinal et les époux Paulo Jorge ARAUJO GONCALVES et Lucia Marlene AZENHA FARIAS, demeurant à 4, rue de Schoos à Angelsberg relatif à la vente d'une parcelle n° cadastral 354/1369, section E d'Angelsberg d'une contenance de 44,64 ares pour le montant de 1.450.000,00 EUR (à l'unanimité).
- 6) Est approuvé le recours au « Fonds de réserve pacte logement » pour le montant de 650.000,00 EUR en l'imputant sous l'article budgétaire 1/242/292300/Z/99001 des recettes extraordinaires de l'exercice 2014. Considérant que le recours au « Fonds » est nécessaire afin de contribuer au budget extraordinaire du financement des frais liés à la construction d'une maison relais à Angelsberg au lieu-dit « Um Bechel » (à l'unanimité).
- 7) Est retenu le principe de fixer les tarifs à percevoir pour la collecte des déchets publics comme suit à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2014 :

- poubelle à 60 litres :	164,00 euros/an
- poubelle à 80 litres :	188,00 euros/an
- poubelle à 120 litres :	260,00 euros/an
- poubelle à 240 litres :	432,00 euros/an
- dispense à la collecte publique :	96,00 euros/an
- enlèvement sur commande des matières encombrantes	56,00 euros/m3
- fourniture, enlèvement et compactage des sacs en plastique	3,57 euros/pièce.

Notant que conformément à la loi du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets et notamment son article 20 stipulant que les règlements sont pris sur avis préalable de l'Administration de l'Environnement. Dès réception dudit avis, le présent règlement sera présenté une nouvelle fois au conseil communal en vue de l'adoption définitive des tarifs.

- 8) Budget rectifié 2013 => approuvé à l'unanimité.





Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.475.451,77
Total des dépenses	2.702.435,00
Boni propre à l'exercice	773.016,77
Mali propre à l'exercice	-1.464.780,13
Boni du compte de 2012	1.935.718,95
Boni général	2.708.735,72
Mali général	-1.464.780,13
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	1.464.780,13
Boni présumé fin 2013	1.243.955,59

9) Budget 2014 => approuvé à l'unanimité.

Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.518.100,00
Total des dépenses	2.832.132,12
Boni propre à l'exercice	685.967,88
Mali propre à l'exercice	-1.748.795,35
Boni du compte de 2013	1.243.955,59
Boni général	1.929.923,47
Mali général	-1.748.795,35
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	1.748.795,35
Boni présumé fin 2014	181.128,12

- 10) L'approbation des statuts de l'association locale « The Boumers asbl » est reporté à une séance ultérieure (à l'unanimité).
- 11) Divers (signatures).
- 12) Est approuvé provisoirement le projet de modification partielle du plan d'aménagement général de la commune de Fischbach, partie graphique et écrite, concernant des fonds sis à Angelsberg au lieu-dit « Auf dem Bechel » aux abords de la « rue de Schoos », présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études Dewey. Les fonds sont destinés aux installations scolaires, à savoir tous les aménagements nécessaires pour une éducation scolaire telles que notamment école primaire, crèche, maison relais, salle polyvalente et toutes installations liées à cet équipement (à l'unanimité des membres présents => le conseil Claude Trausch n'est plus présent).
- 13) Est avisée favorablement la proposition de classement comme monument national des vestiges des forges de Fischbach, situés sur les parcelles inscrites au cadastre de la commune de Fischbach, section A de Fischbach, sous les numéros 335, 340/2, 340/4, 340/611, 343/3, 345/627, 350, 350/330, 351/548, 354/331, 342, 343/220 et 343/925, appartenant à l'Administration des Biens de Son Altesse Royale le Grand-Duc de Luxembourg (à l'unanimité des membres présents => le conseil Claude Trausch n'est plus présent).



# Concert Musik Genuss



28

**O**p Buergsamschden huet net nëmmen d'Buerg zu Fëschbech gebrannt, mee an der Kierch konnt een och e wonnerbare Concert erliewen.

D'Chamber Orchestra & Choir of the University of Luxembourg hu Stécker vun Mozart Wolfgang Amadeus, Jeep, Johannes, Marenzio asw zum beschte ginn.

Dat Ganzt gouf geleet vum Pit Brosius. De Chouer gouf geleet vum Julia Pruy.

Als Ofschloss huet den Orchester zesumme mam Chouer an dem Solist Paul Lallemand d'Lidd "Es ist vollbracht" vum Ludwig van Beethoven zum beschte ginn.

Text & Foto: Luss Brosius



Fëschber Gemeindeblatt



## Compte rendu de la réunion du conseil communal du 13 mars 2014

**Présents:** M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Trausch / **Absents:** Daems, Haas-Erpelding

- 1) Est approuvé le compte rendu de la séance du 23 décembre 2013 (à l'unanimité).
- 2) Est approuvé l'acte notarié n° 195/14 du 13 mars 2014 entre la commune de Fischbach et l'Administration des Biens de S.A.R. le Grand-Duc Henri relatif à l'acquisition de fonds au lieu-dit « Laangegronn » à Fischbach et portant les n° parcelles 487/1352 et 488/1353 au prix de 20.785,71 EUR (à l'unanimité).
- 3) Sont retenus définitivement les tarifs à percevoir pour la collecte des déchets publics comme suit à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2014 :

- poubelle à 60 litres :	164,00 euros/an
- poubelle à 80 litres :	188,00 euros/an
- poubelle à 120 litres :	260,00 euros/an
- poubelle à 240 litres :	432,00 euros/an
- dispense à la collecte publique :	96,00 euros/an
- enlèvement sur commande des matières encombrantes	56,00 euros/m3
- fourniture, enlèvement et compactage des sacs en plastique	3,57 euros/pièce
- 4) Est accordé un montant de 9.949,80 EUR comme participation aux frais de confection du livre « 100 Joer Pompjeeën », livre publié en 2011 pour les festivités du centenaire du Corps des Sapeurs-Pompiers (à l'unanimité).
- 5) Est approuvé le rapport annuel du pacte climat de la commune de Fischbach de l'année 2013 (à l'unanimité).
- 6) Est approuvé le contrat de bail conclu entre le collège échevinal et la société TANGO SA relatif à l'exploitation d'une station GSM à Fischbach (à l'unanimité).
- 7) Sont approuvés les statuts de l'association locale « The Boumers asbl » (à l'unanimité).
- 8) Est approuvé le contrat de travail à durée indéterminée conclu entre le collège échevinal et Monsieur Gilberto Dinis en date du 14 février 2014 (à l'unanimité).
- 9) Sont approuvées les modalités pour l'organisation du projet « Schoulbusbegleeder ». A partir du 22 avril 2014, les enfants de l'éducation précoce auront le droit d'utiliser le transport scolaire communal. La surveillance sera assurée par un adulte engagé à cet effet par la commune (à l'unanimité).
- 10) Sont approuvés les devis extraordinaires suivants (à l'unanimité):
  - Travaux de restauration de l'église à Angelsberg au montant de 80.000,00 € à imputer sur l'article budgétaire 4/850/221312/Z/13001
  - Aménagement du mur de soutènement derrière l'église à Fischbach au montant de 50.000,00 € à imputer sur l'article budgétaire 4/626/221313/z/14005
  - Travaux de restauration du tabernacle de la chapelle de Weyer au montant de 30.000,00 € à imputer sur l'article budgétaire 4/850/221313/Z/14007.
- 11) Est alloué un subside au montant de 250 EUR à l'association Theaterveräin Fëschbech, Schous, Angsbreg de la commune de Fischbach à l'occasion de son 50<sup>e</sup> anniversaire (à l'unanimité)
- 12) A huis clos : Affaires de personnel (à l'unanimité).
- 13) Divers.





Fotoen: Eventshooter



# Crashcours “Lëtzebuergesch richteg schreiwen“

16 Leit hunn un engem Crashcours “Lëtzebuergesch richteg schreiwen“ mam Christiane Ehlinger deelgeholl, deen déi Bibliothék Mierscher Lieshaus an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun vun der Gemeng Fëschbech organiséiert hat.

A knapps 10 Stonnen hunn si an der Zäit vu nëmmen 2 Deeg d'Regele vun der Lëtzebuenger Orthographie explizéiert kritt (z.B. d'Eifeler Regel, Schreifweis vun de Vokaler an Konsonanten, de Plural...) an d'Zäit ass och nach duergaangen fir e puer Exercicen ze maachen.

Zum Schluss kruten si dunn an der Präsenz vun engem Vertrieder vum Lieshaus an vun der Kulturkommissioun Fëschbech de wuelverdénchte Certificat iwwerreecht an e klengen Eirewäin servéiert. Claude ADAM, Catherine ALTMAN, Charel BEMTGEN, Christiane BEMTGEN-HAUSEMER, Raymond BOON, Pierre CLEES, Laura DIEDERICH, Jerry EISENBARTH, Tobias JONGEBLOET, Daniela KLEIN, Marc LAMBERT, Georgette METZLER, Mirjam PETRY, Evelyne PLAWNY, Marcell SCHAUS, Nathalie SIMON, Marie-Luise HAAS (Vertriederin vun der Kulturkommissioun), Angelika BRÄUTIGAM (Mierscher Lieshaus).



Text: Angelika Bräutigam & Foto: Gina Hermes



# Grouss Botz



32

„Ech geheien keen Dréck an d’Natur, da brauch ech och keen opzerafen.“ Dee Sproch héiert een nawell oft dobausse wann et em d’Thema „Grouss Botz“ geet.

21 Kanner an 42 Erwuessener aus der Fëschber Gemeng hunn sech Samschdes de 5. Abrëll awer net hannert deem Slogan verstoppt. Op Initiativ vun der Ëmweltkommissioun zesumme mam Technësche Service vun der Gemeng hunn si sech op d’Been gesat a bei gudde Wiederkonditiounen dem Knascht an eiser Natur de Krich ugekënnegt.

Mat Pëtzt, Tut, Händchen an Sécherheetsgillet gounge et ëm 14 Auer beim Veräinshaus zu Schous lass. Op ronn 60 Kilometer Stroossen, Bësch- a Feldweeër goufen eng sëlechen Tute mat anere Leit hirem Knascht gefëllt.

All méiglechen Dréck kënnst bei esou enger Aktioun zum Virschäin an et ass all Joer erëm traureg festzestellen wéi vill Leit, fir net ze soen « Knascherten » et nach ëmmer net fäerdeg bréngen hir Béchs, Fläsch oder aneren Dréck bis bei eng Poubelle ze féieren oder ze droen.

Em 18 Auer, huet och dee leschten Ëmweltpolizist seng Pëtzt néier geluecht an d’ganz Equipe huet dësen Dag mat Ham, Fritten an Zalot offrëiert vun der Gemeng Fëschbech, an enger geselleger Ronn am Veräinshaus « Op der Héicht » ausklénge gelooss.

All deene wou un dëser Aktioun Deel geholl hunn een décke Merci an ee besonnesche Luef un déi fläisseg kleng Dëbëssen déi mat vollem Asaaz dobäi waren.

Text: Kommissioun fir Ëmwelt a Liewensqualitéit aus der Gemeng Fëschbech

Foto: Ren Spautz



Fëschber Gemeindeblatt